

Evangelium vum 12. Sonndeg C

Lk 9, 18-24

KONTEXT

Vu Lk 8, 1 uns ginn d'Jünger méi erugezunn ; et gött ënnerscheid tëscht de Leit, fir déi d'Gläichnesser duerginn an deenen, déi méi kënnen verdroen (cf. 8, 10) ; verschidde Wonner féieren derzou, datt d'Jünger sech d'Fro stellen 'a wien ass deen doten ?' (8, 25). Ma, amplaz direkt eng Äntwert ze kréien, ginn déi Zwielf emol d'éischt erausgeschéckt dem Herrgott säi Räich verkënnegen (9, 1-6), ier si och nach bei der sougenanntener 'Broutvermehrung' (cf. 9, 12 am Ev. vun Erläichendag C) müssen aktiv ginn. Elo eréischt sinn si prett fir dem Jesus op seng Fro z'antworten, wien si da méngen datt hie wier (= eisen Text vun dësem Sonndeg), hie kënn hinnen also zevir. Dem Péitrus seng Äntwert weist, datt si um gudde Wee sinn ze verstoen, awer si hunn nach net alles verstanen. Dofir präziséiert de Jesus dem Péitrus seng Äntwert a gött de Leit all nach weider Elementer, wat e Liewen a senger Nofolleg bedeit (9, 23ff). D'Bestätegung 'vun uewen' kënn an der sougenanntener 'Verklärung' (cf. d'Ev. vum 2. Faaschtesonndeg C). - Et gesäit ee wierklech wéi si fir de Lk Léierbouwe sinn, déi hei hir Ausbildung kréien. An duerno geet de Wee erop op Jerusalem un (9, 51) wou sech dat erfëllt, wat de Jesus als Ergänzung zum Péitrus sengem Credo gesot huet.

Den Text vu Lk 9, 18-24 huet Parallelen am Mk an am Mt (Mk 8, 27-9, 1 ; 8, 34-9, 1//Mt 16, 13-21 ; 16, 24-28), mee, esou wéi de Lk dësen Text a sengem Ev. placéiert, gött hien him eng aner Nues, wéi den Text se bei deenen anere Synoptiker huet.

TEXT

Wéi de Jesus amgang war eleng ze bieden ... (V. 18) :

De Lk weist de Jesus dacks wéi hien amgaangen ass ze bieden, zëmools och viru wichtege Momenter a sengem Liewen, wat och eng Beispillsfunctioun huet : cf. 5, 16 ; 6, 12 ; 9, 18.28f ; 10, 21 ; 11, 1 ; 22, 32.40ff ; 23, 34.46. – D'Jünger versammelen sech vu sech aus ëmt hien.

Si hu geäntwert : ... (V. 19) :

Et gött net gesot, datt d'Jünger hätte wëlle mat bieden, oder datt si erstaunt waren iwwert dës Fro ; iergendwéi schéngt se an der Schwief gewierscht ze sinn, vill Leit hu jo och op de Messias gewoart, deen d'Réimer erausgeheie géif, an de Jesus war net deen eenzeg, an deen d'Leit hir Hoffnunge gesat hunn (cf. als berüümtend Bsp nach vu méi spéit de Bar Kochba) ; et gouf wahrscheinlech verzielt, de Johannes den Deefer oder ee vun deenen ale Prophéiten wier erëmkomm (cf. Lk 9, 7//) ; anerer hu geméngt, de Jesus wier den Elias, deen dem Messias = dem Christus = dem Gesaleften de Wee géif prett maachen (cf. wéi de Johannes den Deefer seng Missioun beschriwwen huet).

Dunn huet hien si gefrot : ... (V. 20) :

Elo mussen déi Zwielf hiren Examen maachen ; de Jesus kuckt, ier si op tmannst amgaang sinn ze verstoen. – Bei de Synoptiker alleguer ass et de Péitrus, deen am Numm vun deenen Zwielf, déi alleguer zesummen dës Fro gestallt kritt haten, äntwert. Seng Äntwert ass wéi en Echo op den Engelen hir Ukënnegungen (Lk 1, 32f ; 2, 11), op dem Simeon seng (2, 26.30) an op den Dämonen hir (4, 41). – Wuertwiertlech : ‘dem Herrgott säi Gesaleften’ oder ‘dem Herrgott säi Christus’. - De Lk schreiw hei wahrscheinlech ‘Christus’, well dee Gesaleften, deen de Péitrus elo bekennt, de Chrëschten hiren ass, deen net den Erwaardungen entsprécht wéi et se deemools am Juddentum gouf (soss wier den Titel ‘Messias’ ubruecht gewierscht).

Hien awer huet hinne gedreet an huet hinnen un d’Häerz geluecht ... (V. 21) :

Amplaz d’Jünger ze luewe fir hir richtig Äntwert, kréien si gedreet an eppes un d’Häerz geluecht ! Dës Reaktioun vum Jesus erënnert un d’Mk, wou d’Leit ëmmer erëm mat Nodrock gesot kréien, net weider z’erzielen, datt si am Jesus dee Gesaleften erkannt hunn. D’Virsicht mat deem Titel war effektiv ubruecht, well eben esouvill verschidde Messiaserwaardunge verbreed waren. – An d’Jünger verkënnegen eréischt no Ouschteren de Jesus als dem Herrgott säi Gesaleften, da wann hinne méi kloer ginn ass, wéi de Jesus de Christus ass (cf. Apg 2, 36).

An hien ass virugefuer : ... (V. 22) :

Dës Präzisioun ass déi éischt vun den Ukënnegunge vum Jesus senger Passioun am Lk : cf. eise V. 22 ; 9, 43-45 ; 13, 31-35 ; 18, 31-34. – Historesch gesinn huet de Jesus wahrscheinlech gemierkt, datt seng Léier him vill mächtig Feinde gemeet huet (de Mënsch iwwert den héichhellege Sabbath ze stellen, d’Rengheetsvirschrëften z’iwwertrieden, den Tempel ze kritiséieren) – déi de Lk hei op de Sanhedrin = déi Eelst vum Vollék + d’Hohepriister + Schrëftgeéiert beschränkt – an esou huet hien seng Jünger duerop virbereed a versicht sengem Doud e Sënn ze ginn ; no Ouschteren eréischt hunn d’Jünger dat realiséiert an duerch de Brëll vun Ouschteren néiergeschriwwen a gedeit (cf. ‘Kontext’ vum Ev. vun der Ouschternuecht a vun Ouschteren am Dag C). – Esou seet de Jesus am **V. 22** hie misst viles erliden, an am **V. 23** geet Rieds vum Kräiz, dat zu der Nofolleg gehéiert : fir de Lk war kloer, datt dat Villt, dat dee Gesaleften erleide misst zum Kräiz gefouert huet, an esou mécht hien implizit de Lien tëscht ‘viles erliden’ an dem ‘Kräiz’, wat de chrëschtliche Lieser/Nolauschterer automatesch och mécht ! – De Lk léisst dem Péitrus seng Reaktioun an dem Jesus seng barsch Äntwert, wéi mer se a Mk 8, 32f ; Mt 16, 22f liesen, ewech.

Zu hinnen all sot hien : ... (Vv. 23-24) :

Hei gëtt de Krees opgemeet an de Jesus adresséiert sech un d’Leit all. Et hat emol een et op de Punkt bruecht: « Il en sera du disciple comme du maître. » (Claude Coulot, OFM) – ‘Sech verleegegen’ heescht bibleesch net sech kasteien, sech all Freed versoen, op alles verzichten mee, sech selwer net méi an de Mëttelpunkt stellen, ma d’Verkënnegung vum Evangelium mat Gottes- an Näächsteléift. Och wann dat net ongeféierlech war/ass : D’Kräiz huet, als reellt Kräiz oder als Symbol fir d’Leiden, zum Alldag vu ville Chrëschte gehéiert deemools (wéi haut och nach ëmmer). - An d’Ev. vun dësem Sonndeg hält op mat dem Verwäis op dat, wat de ‘paradoxe

chrétien' genannt gött : am Doud ass d'Liewen. (D'Vv. 25-27 sinn net mat iwwerholl ginn, wat Schued ass, well si beliichten dëse Froekrees ëmt d'Nofolleg nach weider a vun enger anerer Säit.)

(Fränz Biver-Pettinger)